LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7042 vum 21. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

*1) Kann d'Madamm Minister eng aktuell Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Lëtzebuerger Bierger säit dem 1. Januar 2021 eng "manner uerg" Niewewierkung, wéi vill eng "uerg" Niewewierkung erlidden hunn a wéi vill der un der Impfung gestuerwe sinn? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang preziséieren, wéi vill Patienten, deenen hir Niewewierkungen als uerg agestuuft goufen, hu missen hospitaliséiert ginn, wéi vill der bleiwend gesondheetlech Schied dovu gedroen hunn, wéi vill der kierperlech handicapéiert bleiwen a wéi vill vun hinnen als invalid agestuuft ginn?*

Detailléiert Informatiounen betreffend all d'Niewewierkungen déi fir COVID-19 Impfungen gemellt goufen, ginn regelméisseg an den Pharmacovigilance Berichter vun der Division Pharmacie et Médicaments publizéiert. Dës Berichter sinn ëffentlech verfügbar um InfoVAXX ënner folgendem Link: https://covid19.public.lu/fr/vaccination/infovaxx.html

De leschte Bericht (Rapport 14: suivi des effets indésirables des vaccins) gouf den 18. Oktober 2022 publizéiert. Dëse Bericht enthält d'Zuelen vun den Niewewierkungen no Schweregradskriterien (Doudesfall, Liewensbedrohung, Hospitalisatioun, medizinesch bedeitend, Incapacitéit oder Invaliditéit), déi zu Lëtzebuerg deklaréiert goufen, zanter dem leschte Bericht souwéi kumulativ zënter dem Ufank vun der Impfkampagne.

Lëtzebuerg, den 16. November 2022

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert